




Lëtzebuergesch zu Chicago

Gromperekichelcher, Schnuddelhong, Deckelsmouk an "that ass"

An den "Morning News" vun der Televisiounschaïne WGN9 zu Chicago war um Dënschdeg och déi Lëtzebuenger Sprooch e Sujet. E witzegen. Hei de Video!

Vun RTL



How to speak Luxembourgish
Posted by Larry Potash
138,782 Views

Leschten Update: 28.01.2018, 22:41:30

15 Commentaire(n)

E-Mail schécken

Printen

Recommend 1.2K

Tweet



Share

Links

Hei geet et bei den Artikel am "Wall Street Journal" (fir Abonnenten).

Themen

Kultur

Kultur: Am meeschte gelies

Haut Gësch Dës Woch Lescht Woch

1. Rockhal: Lëtzebuenger Rapper Maz als "Virband" vum Nicki Minaj
2. Brit Awards: Band "The 1975" als beschten national Band ausgezechent
3. FOTOEN a VIDEO: Max Giesinger an der Rockhal
4. Nummer 111: En neit Online-Kräizwuerträtsel ganz op Lëtzebuergesch

Déi bekannten Zeitung "The Wall Street Journal" hat viru Kuerzem eng Story doriwwer, datt et vill Britte wéinst dem Brexit "in This Tiny Country" zéie géif - rieds war *natierlech* vu Lëtzebuerg.

Ma fir déi Lëtzebuenger Nationalitéit ze kréien, géif et awer ee grousst Obstakel ginn: dem Land seng Sprooch, well bei där misst ee sech d'Zong verdréien:

Increasing numbers of U.K. citizens in Luxembourg are seeking citizenship in preparation for Brexit. One big hurdle: mastering the country's obscure tongue-twisting language.


Hei geet et bei den Artikel am "Wall Street Journal" (fir Abonnenten).

Am Beräich vun de Sproochecoursen op Englesch ass och d'Liz Wenger vu learnluxembourgish.com aktiv ... a si war e Sonndeg vum Haaptspriecher vu WGN TV zu Chicago, dem Larry Potash, kontaktéiert ginn, fir e bësse mat him ze poteren. Iwwer eis Sprooch.


5. #MeToo: Berühmte "Times-Square-Kiss"-Statue vandaliséiert

Wat doraus ginn ass, ass zimlech witzeg a gouf och vum Potash op [Facebook](#) gesat: Hien huet et net esou genee geholl, huet Lëtzebuergesch als Mëschung tëscht Däitsch a Franséisch bezeechent an huet den Uz gemaach mat Wierder wéi Gromperekichelchen (dem Potash no *Pancake*), Schnuddelhong (*Turkey*) an Deckelsmouk (*Turtle*) ... déi een dem "Wall Street Journal" no kënne misst, wann een de Sproochentest bestoe wéilt.

An den Noriichtemann huet och d'Liz Wenger zitéiert mat "dat ass fantastesch", och wat dann aus sengem Mond verdächtig no "*that ass* fantastesch" (oder *dead/dad/that ass?*) geklongen ... an direkt fir gutt Stëmmung am Studio gesuergt huet. Duerno huet de Potash awer preziséiert, datt dat "that is fantastic" heescht - a soss näischt :-)



De FB-Post vum Potash gouf direkt massiv gedeelt an och kommentéiert - an all Richtung ...



This Facebook comment is no longer available. It may have been removed or the privacy settings of the comment may have changed.

Help Center 

Commented on **Larry Potash's** public **post**



Christian Berens That ass fantastesch, you talking about an ass...

1 Reply · 4 · about a year ago

Commented on **Larry Potash's** public **post**



Karin Yumitoo Ever heard of a "Gehanesquénkelchen" ? Its a Glowworm 😊
Sometimes also called "Gehansfénelchen"

And Gromperekichelcher are hash browns, I believe 😊

3 Replies · 4 · about a year ago · edited

Commented on **Larry Potash's** public **post**



Kristin Flood Luxembourg! Where my grandfather was from! Can't wait to go back. PS. My family can sing the Luxembourg national anthem in Luxembourgish!

17 Replies · 80 · about a year ago

A wien als Amerikaner oder Englänner nach méi déif an eis Sprooch andauche wëll, d'Lëtzebuergeschcoursë vun learnluxembourgish.com si vum Educatiounsministère zertificéiert, fir iwwer si d'Lëtzebuenger Nationalitéit ze kréien. D'Coursë sinn op Englesch a ginn online gehalen.